

# KURE'ERT

---

E löschtegt Steckelchen an 2 Akten

arrange'ert vum R. K.

## Personen :

---

1. Mme Rommel , ongefe'er 60 Joer . Vive an op-geregt, zimlech almo'desch geklêt e Bröll op .
2. Fanny : hir Niece, 20 Joer , flott Medchen.
3. Trinn : hir Mod, ongefe'er 50 Joer , e besche graff an der Gestalt an an der Riéd.
4. Mme Zocker ; hir Frenndin , ongefe'er 55 Joer . Diésel'vechte Genre we' d'Mme Rommel e besche me' modern.
5. Mme Dicks : Doktesch, 40 Joer, en decke Bröll, lesst sech neischt vîrmôlen.

## Décors :

---

E sche'nt Zömmer matt ordentliche Miwelen:

Zwo' Dîren , eng no rechts di âner lenks .

=====

I A k t : (d'Trinn ass eleng am Zömmere , t'stöpst  
===== d'Niwelen . d'Mme Rommel kont se'er era  
geschärt

Mme Rommel : (rifft hârt ) Trinn ... Trinn ... (si gêt op d'Trinn  
duer ) Ah do bass de jo ... du alt Döppen, du Dreibitz,  
du Kro' oni Häng, du Schnuddelhong...

Trinn : (ganz ro'eg) d'Madame ass be's ..

Mme Rommel : Hâl de Mond ..

Trinn : Mais, Madame , ech ....

Mme Rommel : (bekuckt d'Trinn ganz be's a set nach me' hârt : Hâl  
de Mond soen ech ...

Trinn : Ma firwât dann , Madame ..

Mme Rommel : (nach me' be's ) Häls de bâl de Mond, du Reitpârd do..

Trinn : (ganz ro'eg) Mé Madame wât ass dann nömmen geschitt?

Mme Rommel : Wuer hues de Zeitung vu vîrgeschter gedo?

Trinn : aha ... et ass we'nt der Zeitung vu vîrgeschter dass  
der dié Spektakel schlôt..,

Mme Rommel : (an der Lûcht) Wât .. Schloen ech Spektakel ?.. Soll  
ech dir emol richtige Spektakel weisen ..(si gêt op  
d'Trinn duer a wellt et schloen, Trinn zitt sech so,  
dass d'Mme Rommel bâl duer fällt.

Trinn : (lácht ) Nach eng Ke'er Madame ..

Mme Rommel : Wârt Medchen dât do bezuelst de mir..

Trinn : Wât bezuelen ech ? .. d'Zeitung vu vîrgeschter ...  
Ma dât ge'f och nach félen ... Wo'matt soll ech dann  
d'Feier ufänken ..

Mme Rommel : (ausser sech ) Ah, du hues d'Zeitung verbrannt... Eng  
Zeitung de' eso' deier kascht.. an ech hât nach nömmen  
d'Iwerschrefte gelies ... O hâlt mech un , soss machen  
ech et kâl dât Kame'lde'er...

Fanny : (ass während dém leschte Sâtz era kom.) Gudde Moien  
Tatta.

Mme Rommel : (dre'nt sech se'er em) Ah , du bass et . Wo' kens du  
dann hier. ?

Fanny : Ma vum Mårt , Tatta. Dir hât mech jo selver ugestallt  
Gromperen a Poretten a Mîrtercher sichen ze goen.(hat  
get dem Trinn eng Poche matt Sâchen )

Mme Rommel : Ah jo , ech hun net me' dru geduecht (op emol ganz be's)  
Du hues awer vill Zeit gebraucht fir op de Mårt ze  
goen ... Ech si secher, du hues nêts dem Apâkter sei  
Schnuddler bege'nt.

Fanny : Dât ass e feine Jong , ..an dann ..

Mme Rommel : Dié Rotzbo'f gefällt mir guer net , hues de dât verstân ..

Fanny : Ech fannen hien am Ge'gentel ganz fein a mane'erlech, emmer gudd opgeluegt.. E bessere Mann kent ê sech net denken ..

Mme Rommel : A so' dochier peift de Wand (si zitt d'Schelleren ) Eso' e Kèrel, dien deiert Wässer a klänge Fläsche verkäft .

Trinn : Hié verkäft dach ganz netzlech Sâchen .

Mme Rommel : (be's zum Trinn ) Hâl de Mond , a bekemmer dach denger Wâchen. (zum Fanny ) An dengem Alter denkt ên nach net un d'Bestueden.

Fanny : A wât ass ... ech hun dach 20 Joer ..

Trinn : An dem Alter kann ê sech gudd bestueden ..

Mme Rommel : (an der Lûcht , gêt op Trinn duer ) Ro'eg soen ech .. Huet ê schon eso' eng âl Tulepant gesin..

Trinn : d'Madame brauch sech nömmen an de Spigel ze kucken .

Mme Rommel : (ausser sech ) Elo ass meng Gedold um Enn.. Du eklech Popp.. An iwerkâpt wât mechs du nach heibannen, kuck dass de se'er an d'Kiche kens , an dass kên dech me' hei geseit..

Trinn : (gêt gemittlech aus , an der Dir dre'nt et sech nach êmol em) Bis eng âner Ke'er , Madame .

Mme Rommel : Da wells du dech also bestueden ..?

Fanny : (ängschtlich ) Majo Tatta ..

Mme Rommel : A ma'm Aptikteschjong ?

Fanny : Jo , Tatta .

Mme Rommel : An ech soen der du bestuedst dech net matt him ..

Fanny : A firwât dann net , Tatta ?...

Mme Rommel : Well ech net well, an domat basta ..

Fanny : Ma da so mer mol firwât dass du net wells .?

Mme Rommel : Aha , du we's gär firwât ... da lauschter Kand ... De' Apdikter sin elauter De'f... Virun 10 Joer we' ech krank war , hât den Dokter Rutsch mir 24 Specialkachéen verschriewen. d'Trinn war se bei dein Apdikter sichen. Ech hätt se missen ganz anhuelen, ma ech hun hêmlech ên opgemâch fir dran ze kucken ... an et war neischt dran .. guer neischt soen ech ..

Fanny : En Irrtom ka virkommen ; Hues de dann di 23 âner och opgemach?

Mme Rommel : Matt engem ass et mir duergang .. t'War bestömmt och neischt an denen âneren .

Fanny : Dât ass kê Beweis, du hues der do e falscht Urtel gemâch.. All Mönsch ka sech emol êmol iren ..

Mme Rommel : Am Preis hât en sech awer nat girrt. 13 fr. huet e mer fir d'Steck gefrôt . Do geseist Kand , we' se hîrt Geld verdingen.

Trinn : Virwât dann net , dir braucht iech nömmen ze bestueden .

Fanny : A mengst du, ech kent mech bestueden.

Trinn : Wât eng domm Frô, firwât dann net .

Fanny : Dann häss de mol sollen meng Tatta ele'nescht he'eren . Si ass ganz derge'nt dass ech mech matt Apdiktesch Fernand bestueden. An et ass dach eso' e le'we Jong .

Trinn ; Ma secher dât , an eso' eng gudd Familjen. e'erlech an uechtnbar Leidd.

Fanny : Wann d'Tatta dât geng he'eren , gang se dech aschlecken..

Trinn : A firwât dann, dât gese'ch ech ower gär..

Fanny : Si behåpt , den Apdikter hätt hîr an der Zeit eidel Cachéen ver-käft.

Trinn : (läch) A de' Geschicht matt de Cachéen huet se nach emmer net verquesst., a si waren guer net eidel.. et wor eso' e weisst Pudder dran .

Fanny : (läch och ) Dât huet se da bestömmmt net gesin , well si ass jo so' kurzsichteg we' nömmen e Mönsch ka sin.

Trinn : Si huet ni vill gebraucht fir aus enger Klenggekêt e schwe're Cas ze mâchen . Si get all Dâg me' âi a me' granzeg, a mir müssen ons begannen îr et ze spêt ass. Mir müssen se derzo' kre'en dass se iech d'Erlâbnis get fir iech ma'm Fernand ze bestueden ; an zwar müsse mer haut schon ufänken îr s'erem eng âner Liggen ge'nt en erfännt ...

Fanny : A wât hues de' da wölles do ze mâchen ...

Trinn : Maja ... ech mengen dât bescht wât mer mâche können wär ... mir mâchen der Madame et Angscht. ...

Fanny : Wann se dann alt net me' guiersch get , we' se schon ass.

Trinn : Dât wär ze probe'eren ... Si ass ganz lîchtgläweg , so' zimlech awergläwech ... A wann se mol richteg Angscht agejot krit, da ge'w se bestömmmt me' gedölleg a le'ss sech erwêchen ..

Fanny : We' mâchen mer hir et dann Angscht ....

Trinn : Ganz einfach ... we' wär et wann hirt ganzt Haus op êmol verhext wär . Wann op êmol Gê...schter ke'men ...

Fanny : A wo' huele mer de' dann hier ?....

Trinn : Ma mir selver müssen de' spinnen ... Wonnerbar ..wann dien Dösch hei geng ufänken ze danzen ... Durfir braucht dir nömmen drenner ze krauchen , matt dem längen Teppich geseit kén iech ... an et tröfft sech nawell gudd : Er Mattant soll haut um II Auer schon zu Möttag iessen, well se wollt ma'm I2 Auer Zug fortfueren. Wann se dann össt ... (geheimnisvoll ) dann op e...mol.. bewegt sech den Dösch ...lues ... dann emmer me' se'er...

Fanny : Prima , Trinn... Du hues keng domm Ideen an der Kopp; ma so et ass schon IO bis ...

Trinn ; A Mameli da gét et elo se'er ... Mei Gott si wärt gleich hei sin ..

Fanny : Da war et bestömmet en deieren a rare Product wât an denge Cachéen war, sess wären se net eso' deier gewiescht.

Mme Rommel: Wann ech der jo soen dass neischt dra war, du Dreibitz do.

Fanny : Et ass awer tatsäichlich kê verstännigt Wuert matt dir ze schwätzen , Tatta. Du bass gleich an der He'lücht an darf ê bei dir ni seng êge Ménung soen soss bass de direct um he'che Pärd . Wann ên net zu alles was de sés jo an Amen set , da geheitst d'engem all erdenklech Titelen un de Kapp...

Mme Rommel: Da mengst du et wär besser wann ech mei Mond geng zo'hâlen, an ech ge'f dech dem ieschte beschten an d'Ärm fâle lossen. Nèn , ech muss der et soen , a wanns de scho mengs et ge'f bei mir an der Schirbel rabbelen, da fueren ech ower virun ze schwätzen .. Ech wöll schwätzen , an ech schwätzen ...

Trinn : kent eran an ennerbrecht d'Madame ) Madame we' soll ech d'Mîrtercher prepare'eren.

Mme Rommel: d'Mûrten ?...

Trinn : Maja; d'Mîrtercher ...

Mme Rommel : Wât eng domm, we' s'emmer prepare'ert gin ..we' gewe'nlech ..

Trinn : We' gewe'nlech.. et get dach 36 Mane'eren fir Mirtercher ze mâchen .. Wann ech se matt enger weisser Zoss mâchen da reklame'ert d'Madame well ech se net am Jus gemach hun.. mâchen ech se am Jus,dann hätt d'Madame se gär ....gedämpft.. dämpen ech se..

Mme Rommel:(ennerbrecht et ) Wât e Getuddels ... mâch se re' da bass de ferdeg ..

Trinn : (lächt ) Re' ... d'Madame huet eng gudd Zong ... ö... gudd Zänn wollt ech soen ...si krit se gebass, ma op se se verdaut kritt,

Fanny : Mei le'ft Trinn, mâch du d'Mûrten we's de se fir gudd fenns .

Mme Rommel: (zum Fanny ) Hâl du dach dei Mond, du kens jo neischt ...

Trinn : Soll ech se dann matt enger weisser Zoss mâchen ..

Mme Rommel: Um Gotteswollen hâl op .. Mâch se we's de wölls a loss mech matt Ro'.. Ech hun âner Sâchen z'erledigen, we' emmer êrt dommt Getòtz no ze lauschteren .. (gêt lenks fort)

Trinn : ( lesst sech op e Stull fâlen ) O mei .....

Fanny : (setzt sech och ) E Gleck dass ên emol opotme kann ..

Trinn : Sitt fro' , Joffer Fanny dass dir net dié ganzen Dâg hei sitt. Ech hun êt Mattant vu muerges fre- bis owes spe't an den O'eren. an dât sin ewell 20 Joer ....

Fanny : Mei le'ft Trinn, dann hâs du ewell dack Geleehet fir Gedold ze üben ...

Trinn : O ech hâlen net mümmer stell... a wösst der, ech mâche mer eigentlech net vill draus , well dir emmer eso' gentil ge'nt mech sitt. So' läng we' dir hei bleiwt , bleiwen ech och, ma dien Dâg wo' dir fort gitt, bleiwen ech keng Stånn me' hei ...

Fanny : Mengst du ech ke'm hei fort ?.....

We' gruschelich .... e Gêsch ... der Deiwl .... Trinn ..  
Trinn ... eist Haus ass verhext ... Höllef ... ech stier wen..

(d'Fanny ass ma'm Dösch bis bei d'Dîr gereckelt, de' d'Trinn opstoe geloss huet , a mecht sech enner dem Dösch zur Dîr eraus fort. Mme Rommel huet sech an d'Fotell fâle gelos a wöscht sech de Schwês ôf. Op êmol geseit se dass den Dösch roeg stoe bleiwt, da kritt si erem Courage, stêt lues op, gêt fir-sichteg bis bei den Dösch an hieft den Teppich fir drenner ze kucken .. An dem Moment kent d'Trinn eran, ste'st widder den Dösch a setzt en erem op seng Plätz . )

Trinn : A wât huet d'Madame da wölles . Stong den Dösch iech net gudd genug ....

Mme Rommel : (nach emmer ganz ängschtlich) Tri...nn ..et... muss... eppes enner dem Dösch sin .... en ...hue...t sech Bewe...gt , soll et net e Gespenst sin .... kuck emol ..drenner ..

Trinn : Firwât kuckt d'Madame dann net selver .

Mme Rommel : Wann ech der jo soen du solls enner den Dösch kucken ...

Trinn : (rösselt de Kapp, gêt dann awer ganz vîrsichtig bei den Dösch a kuckt drenner )Madame ... (ganz geheimnisvoll) ech hun d'E'er, der Madame mattzedêlen , dass hei enner dem Dösch ...

Mme Rommel : (erfe'ert, ennerbrecht d'Trinn ) Wât ass do .. Mei Gott wât ass enner dem Dösch ...

Trinn : dass hei enner dem Dösch alles eidel ass ...

Mme Rommel : Wât ... ass neischt enner dem Dösch ... ass et och secher. ?

Trinn : Wann d'Madame et net wöllt gläwen da soll se selver drenner kucken ...

Mme Rommel : Ma firwât huet den Dösch sech da bewegt we' ech sollt ufänken z'fessen .

Trinn : Do kann ech der Madame keng Erklärung gin ... da war v'over vleicht e Gêsch ...

( et he'ert ên d'Fanny sangen an era kommen )

Mme Rommel : (so'bâl se d'Fanny geseit ) O Fanny ... mei le'ft klengt Fanny , et si Gespenster an eisem Haus ...

Fanny : Wât zielst du mer do fir bosseg Geschichten ...

Mme Rommel : (weist op de Buedem wo' Geschirr leit dât vum Dösch erôf getrollt ass ) Den Dösch huet sech vum selve bewegt ..

Fanny : Dann hâs du secher derwidder gesto'ss...

Mme Rommel : Nê , Kand .... ech kann der net beschreiwen we' gruschelich et wor...

Fanny : Ma dât get jo da Frêd wa Gespenster hei an onsem Haus sin .

Mme Rommel : Wanns du a menger Plätz gewiescht wârs , gengs de net eso' domm schwätzen ...

Trinn : (zu de Leidd ) Dié Rummel hatt ech gäre gesin . (et schellt ) Madame et huet geschellt ..

Mme Rommel : Ma da ge' a mach op ..

Fanny : (klömmt se'er enner den Dösch) Da fleiss dech Trinn, well et ass nach'läng net kamo'd hei drenner. Et gêt mir we' der Frâ de, gesot huet : et kann ê sech net dra richten .. do sutz a'am Bâcko'fen ..

Trinn : (an engems ass et gêt) Ech si gleich erem do ..

Mme Rommel: (kent vu lenks eran) Trinn ... Trinn .. (si let de Mantel d'Poch an den Hutt op e Stull) Trinn ... huet dät nach kën Dösch gedewkt ... Trinn ... Trinn ..

Trinn (kent vu rechts mätt dem Gedeck eran) Hei sin ech jo schon ...

Mme Rommel: Du trentels vill ze vill, op êmol kre'en ech mein Zug net ..

Trinn : Dann helt d'Madame den Autobus, dié fiert jo eng ve'erel Stonn durno.

Mme Rommel: Den Autobus, fir d'Treipen durcherên geresselt ze kre'en, an zum dacksten muss ên nach dra stoen .. ech muss den Zug Kre'en .

Trinn : Ech hu jo och neischt derge'nt .. wann dir le'wer ma'm Zug fuert da fuert dir ma'm Zug ..

Mme Rommel: Wo' ass d'Fanny ?....

Trinn : d'Joffer Fanny .... Si ass sechêr an de Gård gangen ... (gêt aus )

Mme Rommel: Dât gläwe mer ... ên de Gård drämen .. wât e Gedrêms fe'ert dât Främönsch .... Et ass net gudd wa jong Medercher an dem Alter eso' verdrêmt sin .. Et wär mir le'wer wann et besser geng follegen a sech dien Efalt vun Apdikteschjong aus dem Kapp geng schloen. (ganz stramm) Meng Uweisungen missten dem Buschtâf no befollegt gin .. We' heut schons êmol e Kinnek gesot... ech mengen et war den Napoleon: " Vru mir müssen se all enner den Dösch krauchen .(si bleiwt hanner dem Dösch stoen )

Fanny : (streckt zu de Leidd zo' de Kapp ennert dem Teppich eraus ) ganz secher . du hues recht ..

Mme Rommel: (kniwelt un hîrem Mantel) Wât eng Idée vun dem Krapigen, fir sech scho wöllen ze bestueden .

Fanny : (lues) ma secher Tatta .

Mme Rommel: Et mengt ê bâl et hätt et netgudd hei;; an ech sin dach eso' aussergewe'nlech gudd ge'nt et ..

Fanny : Et kent ên s'op enger Botterschmier iessen .

Mme Rommel: Enfin ... ech hoffen dass dien Efalt em och nach vergêt.. (rifft) Trinn ... Trinn ; elo get et ower Zeit ..

Trinn : (kent ma'm Iessen eran) Regt iech net op Madame , hei sin ech jo scho matt alles . Sötzt iech we'er un, Madame ,.. Wöllt der nach eppes ...

Mme Rommel: (setzt sech) Nêñ , ech hun dach keng Zeit fir ordentlech z'iessen, dass alles an der Rei, gitt erer Wé, a losst mech ro'eg.

Trinn : Bong, da gin ech ...

Mme Rommel : helt hir Serviette ,a wöllt sech eppes op hîren Teller hue- len, do fänkt den Dösch un ze wackelen .Si erfe'ert ) A wât war dât . ... (et wackelt erem; si sprengt op ,den Dösch be- wegzt sech virun , hir no ... si jeitzt : Höllef... Höllef ..

Fanny : Soll ech net e beschen hei optraumen ?..

Mme Rommel: Ech kann nach net drun denken ... E Gespenst

Trinn : d'Madame Zocker kim gär der Madame bonjour soen ..

Mme Rommel: Ma da fe'er de dach gleich eran . (Trinn gêt erem aus )

Fanny : Wien ass do ...d'Madame Zocker....da mächen ech mech ält scho  
gleich eweg ...

Mme Rommel: A firwât dann ?..dât we's ech ower gär

Fanny : Ech hun de' Leidd mat Hoer op der Zong net gär (gêt se'er fort)  
(d'Madame Zocker kent eran )

Mme Zocker: Bonjour Mme Rommel, Ech si grad lâscht, du wollt ech bis era  
kucke kommen we' et iech gêt, le'w Frönndin .

Mme Rommel : ( get hir d'Hand ) Mir gêt et gudd, merci ... oder villme,  
mir war et ganz gudd, bis de' geschitt ass ...

Mme Zocker: A wât ass da geschitt ?...

Mme Rommel: Mir hun an onsem Haus ... e .. Gespenst ..

Mme Zocker : Et ass dach net me:glich ...

Mme Rommel : Dach ... et ass wo'er ... Stellt iech fir meng Le'w, we' ech  
sollt ufänken z'iessen, du huet den Dösch op êmol ugefang ze wa-  
ckelen .. et war schrecklech ...ech kann iech et soen .

Mme Zocker: Huet dir da guer neischt soss gemiérkt ?....

Mme Rommel : Ech sin opgesprongen... den Dösch die ko'm mer no durch d'ganzt  
Zömmmer ... Ech war bâl do'd vun Angscht ,do ass den Dösch op  
êmol hei bei der Dir stoe bliw...

Mme Zocker: Dât wöllt soen dass d'Gespenst durch Dîr entwöscht ass ..

Mme Rommel: (verwonnert ) We' mengt der dât ?...

Mme Zocker: We'vill Auer war et ?...

Mme Rommel : Ongefe'er um elef. Ech hât zum Trinn gesot ech geng eleng  
iessen fir zur Zeit op mein Zug ze kommen .

Mme Zocker: Also, dir wart eleng , we' d'Gespenst sech gewissen huet .

Mme Rommel : Jo ech war eleng hei bannen ... d'Trinn war an der Kichen  
an d'Fanny ...

Mme Zocker: (ennerbrecht) Maja d'Fanny, wo' war hatt dann ?...

Mme Rommel: Trinn sot et wär an de Gård gang ...

Mme Zocker; Sot d'Trinn eso' ... dât kann ên och gläwen wann ê wöllt ..

Mme Rommel: Zeiwelt dir dodrun ...

Mme Zocker: Jo an navell ganz stârk.. Wât wéllt der hun, ech gläwen nun  
êmol net un d'Gespenster....

Mme Rommel : Wann ech iech jo soen dass et ent war.

Mme Zocker : Dann ower ganz bestömmmt ênt vu Fleisch a Blutt , we' dir an ech ... .

Mme Rommel : A wié soll dât da gewiescht sin ?..

Mme Zocker : Et kent jo ên hei am Haus iech eng stîchten ... fir sech ze rächen ... .

Mme Rommel : E mir eng stîchæn ... Ah so' , ma et kent navell sin ... Ech hun haut de Muergen menger Niece d'Wo'ericht gesot ... si war guer net enchantert ... .

Mme Zocker : Do hu mer et jo .... Dât ass d'Gespenst .. Ma et muss ê scho stârk am Reck an de Bén sin fir dien Dösch do an d'Lücht ze hiewen ..... E ka soss kè gewiescht sin we' ier Niece .

Mme Rommel : Mengt dir dât am Escht ?..

Mme Zocker : Dât le'sst sech alles feststellen ... Ech muss mech elo se'er eweg mâchen , dass d'Hötteszopp an der Rei ass.. eise Pir dié wârt net gär fwert d'Zeit... Bis geschwönn, Mme Rommel , a vill Gleck matt érem Gespenst ..

Mme Rommel : (ganz energisch ) Eh bien ... et ass an der Rei ... Ma ech spinnen denen och elo mol Gespenst ...

Rideau

2 Akt :

Diéselvechten Decors we' am I.Akt

Trinn : (kent rechts eran mat enger Tass Te' ) O Mamm o Kähner ?....  
Wât e Liewen .... Ech froe mech wât dât nach get .... Wât e Liewen (hat setzt den Te' op den Dösch )

Fanny : (kent vu lenks ) Nujé Trinn gêt et net me' ?....

Trinn : Nêñ et gêt net me' ... Ass dât dann eng Frê fir dié ganzen Dâg Te' ze bratschen ... an all Dâg honnert mol d'Trâpen op - ze klammen bei d'Madame an d'Kummer ...

Fanny : Nêñ dât ass bestömmmt net intressant ..

Trinn : An ewell dauert dât schon 8 Deg . Dié ganzen Dâg muss ech hot an hâr läfen , bis meng Bén op êmol ganz stompeg sin ..

Fanny : Ma Trinn, mengst de dann ech wâr op der Kirmes zanter ass meng Mattant krank ass.

Trinn : Dât wâs ech, si huet net me' Regard fir iech ass we' fir mech .. et ass ên ewe' op engem Gale'... .

Fanny : Mir mussen s'onbedengt erem op d'Bê kre'en ...

- Trinn : Ech froe mech we'... Wât ên se me' pflegt, wât se me' krank get.  
Fir t'iescht hât s'et am Kapp, du hât s'et un den Liewer ...
- Fanny : Geschter hât se Reismates...
- Trinn : An haut huet se Koliken ..
- Fanny : Drôlig .. Virgeschter sot se si wär verstoppt ..
- Trinn : Dir kent vun hir denken wât der wollt , ma ech mengen si huet na-  
vell grad eng bosseg Kränkt .. Ech hun nach kê gessin die' matt  
Reismates so' Konschten am Bett gemach huet ...
- Fanny : Dât ass bestörrnt vun Nervosite't ..  
(hannert der Bühn jeitzt d'Mme Rommel ganz härt ) Trinn ... Trinn  
wo' bleiwst de dann so' läng .
- Trinn : An dât soll d'Stömm vun enger Kranker sin .(zitt Schöller'en )  
loss mer le'wer neischt soen (hat helt den Te' a gêt aus )
- Fanny : (setzt sech ) Wann dât Gejemers vu menger Mattant net ophält  
musse mer den Dokter komme lossen . Si drenkt weider neischt  
we' Te' , die ganzen Dâg . Ech froe mech dass se ëabei net vun fe  
Bè fällt ... (denkt no ) Et kent navell me'glich sin dass se  
sich nömmen eso' stellt . Si ass vleicht guer net krank ..
- Trinn : (kent lenks eran ) Wöllt dir mer e beschen upacke kommen .. Er  
Mattant wöllt elo onbedengt an Stuff kommen ...
- Fanny : Jo gleich , dass se mol êmol aus dem Bett gêt .. (si gin allenzwê  
aus , a kommen geschwönn drop matt der Mattant am Arem erem eran .
- Mme Rommel : We' ass ên awer eso' dripse'leg , wann ê krank ass ..
- Fanny : We' befannt der iech haut Mattant . ?
- Trinn : Ech mengen d'Madame ass haut vill besser ..
- Mme Rommel : Wât sin ech ( be's ) Schlechter sin ech haut , vill schlechter
- Trinn : Ma fiwât sitt dir dann haut opgestan.
- Mme Rommel : Well ech eben wollt opstoen .. Setzt mech duer an d'Totell .
- Trinn : (fe'ert s'an Fatell ) Setzt iech Madame a regt iech nömmen net  
op, dât wär grad de Cotteng fir êr Krankhêt .
- Mme Rommel: Nu kuck di âl Tût , wellt de' mer nach Rôtschle' hei gin  
Du bass et Trinn, die schold drun ass, dass ech eso' krank  
sin, du mechs mech êmol zevill nervös .
- Trinn : Ech ... soll ech es an d'schölt sin ... A wien kent iech besser  
soigne'eren we' ech ... ass dât den Dank, dass ech mech eso' hei  
ôfrackeren . d'Madame ka frg' sin , dass di âl Tût nach em-  
mer duerhält .
- Fanny : Trinn , reg dech net op, et ass menger Tatta net eso' gemengt,  
wann d'Leid kwank sin , dann ass en alles hurteg ze vill .
- Trinn: Krank oder net krank ...

- Mme Rommel : (be's) Wât hêschte dât , krank oder net krank.... Ech gese'ch iech gär a menger Plätz... Steif vu Reismates; de Kapp we' vu muerges bis owes ...
- Trinn : (fiert virun) D' Liewer geschwoll , Koliken ... lëft d'Gäl iech nach net iwer ...
- Mme Rommel : Et ass kengem be'sen Hond ze wönschen wât ech matmachen .. scho we' lang kën Apptit me' .
- Fanny : Mir missten onbedengt den Dokter ruffen ..
- Mme Rommel : (opgeregt) Ech wiss gär wât en Dokter hei me'ch ... Ech wës scho we' et geng .. E ge'f mer fir 2 - 300 fr Apdikt opeschreiwen ... Je ; je .. di Dokteren spinnen jo den Aptikteren an d'Hänn... d'ass ên ewe' dien âneren ..
- Fanny : Ah , lo denken ech grad drun, ech war geschter dem Aptikter bege'nt, Hie le'sst froen we' et dir gêt an e wönscht dir eng gudd Besserung ...
- Mme Rommel : Ech wöll neischt vun dem gewönscht .. Ech wës \ wât ên op dem seng Wieder ka gin.
- Fanny : Dem Fernand sei Papp ...
- Mme Rommel : (ennerbrecht et) Neischt ze Fernanden an neischt ze Pappen ech kennen se .. Si wären net ze sche'n fir kloert Wässer a klenge Fläschen ze verkäfen a Wäcken zu Pudder ze müelen. Si hätte gär vill Cliangen , denen se hire Schwindel deier verkäfe könnten ..
- Fanny : (nervös) Hâl op Tatta , du hues ongerecht Vîrurtêler ge'nt d'Aptikter . Du bass ganz am Onrecht .. Du bass hei an der Städt di ênzig Perso'n de' ge'nt de Fernand a sei Papp ass. De Papp an de Jong si vun all Mönsch he'ch geuecht ...
- Trinn : Dât ass richteg Madame .. Et si ganz fei Leidd ...
- Mme Rommel : Brauch kê mer eppes fir ze mölen . Ech kennen se , de Jong dât ass e richtige Môdegeck .
- Fanny : (be's) E Mo'degeck ... a so' , dien awer matt Auszéchnung sein Apdikteschexamen bestan huet . Hien ass selver Apdikter
- Mme Rommel : (spöttisch) Fir Pastillen an Ho'schtmöttelen ze verkäfen, hätt e wahrhafteg net eso' läng breichte le'eren ze goen. Loss mech mol êmol io'eg matt all dem Kame'di .. Trinn ge' mach mer Te' vu Kischttestillen , ech fille mesh eso' onbehollef. Dât Geschwätz mecht mech eso' midd .
- Trinn : d'Madame huet recht, wann ê krank ass soll ên net eso' vill schwätzen . (zum Fanny) Wann dir mer genegt höllefen , wäre mer se'er matt alles ferdeg .. Ech kommen net me' virun matt all der Arbecht .
- Fanny : Ma ganz gär, Trinn , ech gi gleich matt an d'Kichen .
- Mme Rommel : (kuckt denen zwê no, versechert sech op se fort sin, zitt eng Wassermötsch oder e Bre'tchen eraus a beist ganz geherzt dran) Dât mecht hongreg fir sech eso' krank ze stellen ... Wât hun ech de' elo schon e puer Deg dru kritt... (lächelt) Ech spinnen denen Gespenst ... losst gewärden ... (et schellt) Dât ass secher d'Madame Zocker (si verstopppt d'Bre'tchen) .

Mme Zocker (kent eran a set nach zreck zum Trin) Merci Trinn derange'er  
dech net , ech fannen et , bleiwt nörnen un érer Arbecht .  
(da mecht se vîrsichtig Dir zo' ) We' gêt et iech ?

Mme Rommel : Prima , et get Zeit dass der kommt , ech sin um leschte  
Bre'tchen ..(si zitt d'Bre'tchen eran eraus a beist dran .

Mme Zocker : Dât mecht mer Frêd . Ech gesin dir verstitt et wonnerbar  
t'Konschten vun érer Niece matt der selvechter Münz erem  
ze bezuelen.

Mme Rommel : (lacht ) an suguer oni Ustrengung ... An dât êfällegt Kand  
gläwt fest drun dass ech krank wär .

Mme Zocker: An Trinn ?....

Mme Rommel : Dât ass nach vill ze domm fir eppes an uecht ze huelen ..

Mme Zocker : (weist op hir Poche ) Ech brengen iech ér Ratio'n fir haut .  
Eng gudd Portio'n vum Gigot... .

Mme Rommel : Gitt se'er an drot et op meng Kummer an de 4 Tiroir vun der  
Kamno'd. Hei ass de Schlessel, se'er fir ent era kennt.Ver-  
giest net zo'zespären ..

( d'Mme Zocker gêt lenks fort , iwerdem kent d'Trinn ma'm Te,  
eran. Mme Rommel erfe'ert a verstoppt se'er d'Bre'tchen )

Mme Rommel : Ah, du bass et Trinn .... du hues mech erfe'ere gedon..

Trinn : Ah... d'Madame huet gefârt. . Et kim erem e Gespenst ...  
Hei ass éren Te' ...

Mme Rommel : Ech brauch elo kê me' ...

Trinn : We', der hutt den dach elo grad bestallt ... Nuje wann d'Leidd  
krank sin, da sin se wennerlich ... .(bedenkt sech ) Wur  
ass d'Madame Zocker gang..

Mme Rommel : Eppes op meng Kummer sichen ...

Trinn : d'Madame hätt mech dach solle ruffen, a plâtz d'Mme Zocker  
ze derange'eren ..

Mme Rommel ; (verstellerich ) Mei le'ft Trinn, du huës nach ze will Ar -  
becht , an du bass midd genug ...

Trinn : Dât ass richteg ... wann ên de ganzen Dâg op de Bén ass ..  
Wellt d'Madame dann den Te' net ...

Mme Rommel : Ech hun der jo scho gesot dass ech en elo net well .

Trinn : Bong, dann huelen ech em alt erem matt aus .(zu de Leidd, ir  
et aus gêt ) Ech we's ower gär wâr de' do uewen ze ramosch-  
teren hätt . (gêt rechts fort )

Mme Rommel: Firwât kann dât dommt Steck net an der Kichen bei sengen  
Döppen bleiwen .. ower och grad elo eran ze kommen ..

Mme Zocker: (kent vu lenks eran ) Ass ên era kom we' ech douewe war.

Mme Rommel :Jo Trinn, ech hu gesot dir wärt mir eppes uewenop sichen ,

Mme Zocker : Ech hun d'Sâchen àli an den Tiroir geluegt, hei ass de Schles-sel .. Ech hun haut de muergen l'eng Bre'dercher me' kritt, ech gin elo gleich der nach sichen .

Mme Rommel : Di sitt ze vill gentill.. oni iech hätt ech hinnen dât hei net könne spille ..

Mme Zocker : Mir mecht de' Geschicht Spâs .. et ass eso' spannend we' e Roman..

Mme Rommel : Fir iech, jo,dât gläwen ech .Ech fänken un es midd ze gin . All Dâg kâlt Flêsch .. an di ganz Geschicht we'nt menger Niece

Mme Zocker : Ass se ma'm Aptikter sengem Jong fiance'ert.? Et get an der Stadt dervu verzielt ..

Mme Rommel; (sprengt an engem Sätz op ) Wât get gezielt ?.. (si gêt se'er op an of) Dât durf ech net zo'lossen .. Nên matt mengem Well geschitt et net .. Ech kann en einfach net aussteen dien Apdikter... (be'sartig ) Nên , mei le'wen Teintur'iodshändler mengst du, du wârs nach net reich genug...mengs du ,du misst dir dât dommt Bâtschel vu menger Niece hei kröpen, dass dei Ko'pp Geld nach me' deck get. Eh bien, mei le'wen Aspirins-kre'mer , de' Mo'ck hei, de' hues de nach net ..

Mme Zocker ( ass erfe'ert we' Mme Rommel so' jeitzt) Mais Madame calme'ert iech... Et sche'ngt di zwê si fro' mattenén ,an et wär jo keng eso' eng schlecht Partie...

Mme Rommel: Fro' mattenén .... hahaha ... Wât fir Konschten sin dât ,. Wât leit mir un eso' enger Åfele'ft... et ass fir ze lächen...  
(Währenddem ass Trinn era kom, oni dass d'Madame Rommel et gesin huet an huet alles nogelauschtert. hatt rösselt de Kapp )

Trinn : (wann d'Madame Rommel ophält) Oni Zweifel ... d'Madame ass vill besser .

Mme Rommel: (fiert erem ) Wât ... bass du schon erem do ...

Trinn : Majo Madame .. we' der gesitt..

Mme Rommel : Wât häss de da gär ?...

Trinn : (ganz ro'eg ) Ech wollt der Madame mattdêlen dass d'Madame Dokter Dicks an e puer Minuten hei ass..

Mme Zocker: Doktesch ...

Mme Rommel; (erfe'ert ) Wâ...t ... Dok...tesch ... Ech hun de' dach net ruffe geloss ...

Trinn : Dâs richteg .. Madame , ma si ko'm elo grad an eise Quartier, bei der Nopesch hire Klengen , du heut Joffer Fanny gesot, si soll emol bis eriwer kommen, wann et och nömme wär fir d'Madame ze bero'igen .

Mme Rommel : (fir séch ) Majo secher, dât ass erem eng Ke'er meng Niece de' mer de' wöllt andoen ...

.Trinn : Wât wöllt d'Madame ? ...

Mme Rommel : (be's ) Neischt well ech... Dir wösst dach allebe'd dass ech kén Zo'trauen zu engem Dokter hun ..

Trinn : d'Madame Dicks ass bekannt als ên vun dene beschten Dokteren an der ganzer Emge'gend .. d'Madame soll fro' sin fir de' Geléenhêt ...

- Mme Zocker : Eso' krank ass d'Madame Rommel och nach net dass s'en Dokter muss hun . Et ass wirklech nömmen eng kleng Migraine ..
- Trinn : Ah so' , nö men eng kleng Migraine..a si schléft schon 8 Deg dermatt .. an et wöllt net vergoen ..
- Mme Rommel : Majc secher, ech spire mech krank , vill krank ..
- Trinn : Dié Kappwe' , dien net nolesst, dât ass neischt natirleches.
- Mme Rommel : (deierlich ) O jo ..
- Trinn : An dann di Verstopfung ..
- Mme Rommel : richteg , dât ass nach dât schlemmt
- Trinn : Iwerhapt , dien allgemeinen Zo'stand vun der Madame kann sech nach verschlömmeren wann net opgepasst get.. Gläwt mir es, et ass besser wann d'Doktesch passe'ert... ( et scheilt ) Lauschtert, do kent se schon matt der Joffer Fanny .(Trinn mecht Dir op an Madame Dicks an d'Fanny kommen eran )
- Fanny : ( stellt vir) Meng Mattant , d'Madame Zockerr eng Freindin vu menger Mattant... eist Trinn, eis bråvt Dengschtmedchen .
- Mme Dicks : (zur Mme Rommel ) Dir sitt also di Krank ..
- Mme Rommel : (verdresslech ) Leider ..
- Mme Dicks: Da loss mer emol kucken ... Wo' klot der iech ..
- Mme Rommel : Ech huh iwerall we' ...
- Trinn : d'Madame huet de Kapp we' , si ass voll Reismates, si huet Liewer geschwoll..
- Mme Dicks : (ennerbrecht ) Bong , bong .. ass dât alles ..
- Mme Rommel : Dât ass schon zevill ...
- Mme Dicks : Ech mengen och (ganz energisch ) Strekt emol êr Zong eraus. (d'Madame Rommel streckt d'Zong eraus ma net weit genug) E besche we' weit ... So' .. et ass gudd.. dir sitt net verstoppt ...
- Mme Rommel: (mengt si ge'f gefrotan äntwert ) Ech sin terribel verstoppt, well zanter 8 Deg...
- Fanny : ( ste'st d'Trinn) Haut de muergen huet se nach gesot, si hätt Koliken ... (Trinn drekt dem Fanny en An zo' a mecht en Zéchen dass et neischt soll soen ..)
- Mme Dicks We' , dât ass ower komisch ... sitt dir verstoppt ..
- Mme Rommel : Jo , ganz secher ...
- Mme Dicks : Dât wonnert mech awer, well êr Zong ass guer net beluegt .. We' ass et dann matt êrem Reismates ..
- Mme Rommel : (weisst ê Bén ) Ech hun et an dessem Bén , ech ka bâl net me' goen ..
- Trinn : (ste'ssst d'Fanny ) An elo e'neschter ass se getrappt we' en dreijehrigt Färd ..

Fanny : ( weist ma'm Fangei op d'Löppen) Sief ro'eg Trinn ..

Mme Dicks : Ech gesin wât iech féilt .Ech gin elo gleich Möttelen a mein Auto sichen .(zum Fanny an zum Trinn) Wöllt dir zwê mat mer goen, dir musst mer höllef en .

Fanny : (se'er ) natirlech .. ( Di drei gin aus )

Mme Rommel: (ängschleich ) A wât soll se mer nömmen gin ..

Mme Zocker: Ganz secher neischt gefe'erliches, bero'egt iech.. si get iech höchstwahrscheinlich nömmen lîcht Medikamenter ...

Mme Rommel :Durfir kätt se dach Trinn an d'Fanny net brauchen matt aus ze huelen .

Mme Zocker: Di Dokteren muss ê gewärde lossen ..

Mme Rommel :Hoffentlich mecht se mer keng Pigure, de' färten ech .

Mme Zocker: Sieft dach verstännig , Bire Mâtes kret der all Dâg zwo' an et dêt em neischt, dir wärt dach och nach eso' eppes verdroen.

Mme Rommel: Bire Mâtes ass och en Ondugen ..

Mme Dicks : (kent eran ) Ons Krank darf sech guer net opregen. Nömmen ganz ro'eg sin .. An e puer Minuten ass alles eriwer .. (si gêt bis bei Dir a rifft aus ) Huet den mech gudd verstanen ?

Trinn (hannert der Bühn ) Jo Madame mir komme gleich .Et ass alles prepare'ert .

Mme Dicks : Dann ass lo gleich alles an der Rei..

Mme Rommel :(onro'eg ) A wât macht der nömmen matt mir ?...

Mme Dicks : Mir hêlen iech , Madame .

Trinn : (kent ma'm Fanny eran. d'Fanny huet e gro'sse Bokal wo' eng Etiquette drop ass " Ricinusöl " d'Trinn huet e gro'sse Kach-leffel an e Sêl ) Hei si mer Madame ..

Mme Dicks : So' ass et richteg , (zum Fanny) göf mir de Bokal .

Mme Rommel :A wât der Beiwel get dât do ..

Mme Zocker: E Bokal matt ... Ri...ci ..nusueleg ..

Mme Rommel : Ricinus ...ueleg ... ma ech brauch dach keng Purge..

Mme Dicks : Wât braucht der net ... Keng Purge... Dir huet dach gesot dir wärt ewell zenter 8 Deg verstoppt.. Da muss gehandelt gin .. energisch a wirksam... an do ass kê bessert Möttel we' Ricinus-ueleg .Wann dir dien net wöllt anhuelen dann iech net ze höllef en .. Sitt verstännig Madame ..

Mme Rommel : A wann ech jo soen dass ech net wöll ... Soll ên dann hei net me' mëschter gin.... Ass dât erlåbt ... (si sprengt op a rennt bei Dir, si kent net aus well d'Fanny verspert mir de Wé. Si rennt bei di âner Dir, Trinn ma'm Sêl hannendrun ... et get e sche'nen Durcherên , d'Mme Rommel jeitzt an engem drun : Höllef ... höllef ... Dir Märder .. dir Reiber ... dir Bri-gangen ... Fort matt der Deiwelsmedecin ... losst mech ro'eg .

Mme Dicks : Regt iech dach net eso' op , mir wöllen iech dach kë Lëds un din .

Mme Rommel : (le'sst sech an d'Fotell fâlen ). Ech bidden iech hâlt op .. ech .. sin .. um .. Enn ..

Mme Dicks : Well si der scho gehâlt vun êrem Rheumatismus .. Ele'nescht hutt der gesot dir kent net goen , an elo sitt der hei getrapp' we' e ve'erjehrigt Pärd.

Mme Rommel : Ech sin och net me' verstoppert ..

Mme Dicks : Dât ass nach guer net secher, durfir fir vollständig Seuherhêt ze kre'en wär et am beschten wann der eng Purge ge'ngt huelen.

Mme Rommel ;(sprengt erem op an alles rennt erem durchernén .. (Um Gottes-wöllen verschont mech dach ... (si le'sst sech op de Buedem fâlen ) Ech kann net me' ... ech stierwen ..

Trinn : (zum Fanny ) Elo ass et un iech fir ze schwätzen ..

Fanny : Tata , lauschtert mir emol no ... Mir hâlen direct op, wanns de rverstanen bass, jo oder nén , dass ech mech ma'm Fernand bestueden ..

Mme Rommel: (sprengt op a set ganz energisch) Ni an nömmmer ..

Fanny : Also du wölls no dengem Kapp fueren .. du wölls deng verke'er Mënning net änneren, du wölls mech onglecklech mächen, fir dengem perse'nlechen Hâss nozegoen .. We' ass et,jo oder nén .. Soläng we's dè net jo sés fuere mer virun .. (zum Trinn ) Virun Trinn .. en avanti .. (die selvechten Zodi gët erem lass d'Me Rommel le'sst sech erschöpft an d'Fotell fâlen . d'Trinn streck se ma'm Sël un .)

Trinn : Eso', meng le'f Madame , elo kommt der net me' fort ..

Fanny : We' ass et ... Jo oder nén ...

Mme Rommel : Häls du dann eso' stârk drop fir dech ze bestueden ?...

Fanny : Ass et jo oder nén ...

Mme Rommel : Muss et dann dem Epdikter sei sin ?...

Fanny : Lo froen ech fir d'lescht .. Jo oder nén ...

Mme Rommel : O Mamm o Kanner , da bestued dech alt scho mar, wât mir dru leit .

Fanny : Nén Tatta , mar nach net .. De Fernand kent heihin fir mech froen. Du als Momper bass da graç so' gentil, a bass d'accord. Da setze mer zesummen den Pâg vun der Hochzeit fest.

Trinn : All Respekt, Joffer Fanny, dir verstift et fir alles z'arrange, eren.

Fanny : Du muss net mengen, Tatta, ech kent dech net leiden , well ech dât hei matt dir gemach hun .. ma ech wosst mer kën ânerzt Möttel me' fir dech ze beke'eren.

Mme Rommel : A du wars et , dien di Geschicht hei erfonnt hues ..(si weist op de Bokal )

Mme Dicks : Nê Mme Rommel, dât ass êr êge Schold .. Dir hutt jo selver gesot dir wärt verstoppert an du hu mir dât wirksamst Möttel.

geholl, wât et get, fir iech ower och grändlech ze kure'eren.  
Matt eso' Sâchen soll ê kê Geck machen.. Entweder ass ê krank  
oder net ..

Fanny : Durch deng Verstellerei hât ech dun och eng gudd Geléenhêt .

Mme Rommel: A wanns de de' Geléenhêt net gehât häss... dann häss de secher  
erem ugefang Gespenst ze spinnen ...

Fanny : Gespenst .. ze spinnen .. Wo'hier wësst du dât dann ?...

Mme Rommel: Dât war dach ganz einfach

Trinn : Aha, lo kommen ech och no.. Fir iech un érer Niece ze rächen, hutt  
dir iech krank gestallt.. Wann ech dât do ieschter gewosst hätt  
dann hätt ech iech eppes an den Te' gemach, wât iech direct  
kure'ert hätt.

Fanny : D'Sâch ass jo lo an der Rei, Trinn, well ass se jo kure'ert , ar  
ech ka mech bestueden.

Mme Rommel: (verdresslech) Also da gës de lo denger Wé ; aþ du le'ss mech  
eleng .

Fanny : d'Trinn ass jo nach emmer hei .

Trinn : (wichteg ) Awer enner enger Bedingong.

Mme Rommel: Bass du och net me' zefritten.

Trinn : Ech well net vu muerges bis owes vernannt gin , ech si kê Reit-  
pärd a kê Kame'l, soss geng ech op ve'er Bén.. an da préveneren  
ech d'Madame , dass ech keng 8 Deg me' wârden ïr ech en Dokter  
ruffen , wann se mol êmol krank get. an zwar ruffen ech direkt  
d'Madame Dicks .

Mme Rommel: du brauchs net ze färten, ech gin net me' krank . Ech hun es  
genug .. fir vun eso' Schenneren behandelt ze gin .

Fanny : Mir si keng Schenneren ... mei Gott, Tatta ass nach emmer uge-  
streckt..

Trinn : O mei ... (hatt bennt se lass ) Ech hât net me' dru geduecht  
dass ech so' gudd geweckelt hât.

Fanny : So' Tatta , lo hues de mer also d'Erlâbnis gin fir mech  
ma'm Fernand ze bestueden an lo helt hoffentlech all Gestöppels  
a. Gestechels op ...

Trinn : (sé'er ) Soss gare Frer , (hölt der Mme Dicks de Bockal ôf , a  
gët op d'Mme Rommel duer ) da kent d'Purge .. awer da ganz  
secher ...